LU

GEMENGEROT

VUM 01. DEZEMBER 2023

Present: de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV), d'Schäffen Marc Bissen (LSAP) a Romain Kockelmann (CSV), d'Gemengeconseilleren, Bonifas Larry (déi gréng), Guy Breden (CSV), Maryse Frantzen (DP), Natacha Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP), Claudine Meyer-Deitz (LSAP), Max Molitor (LSAP) a Nathalie Noesen-Heintz (LSAP)

Entschëllegt: Cheryl Binck-Geschwind (CSV), Conseillère

Ufank vun der Sëtzung: 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour, mat Ausnam vum Punkt 4, goufen eestëmmeg ugeholl.

ËFFENTLECH SITZUNG

KOMMUNIKATIOUNEN

De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) begréisst d'Membere vum Gemengerot zur Sëtzung vum 01 Dezember 2023. Den Ordre de jour vun dëser Sëtzung, gëtt ouni Objektioun ugeholl. De Buergermeeschter informéiert dass méi spéit an dëser Sëtzung déi wichtegst Zuele vum Budget präsentéiert ginn. Dono huet all Fraktioun 3 Wochen Zäit fir sech mam Budget auserneen ze setze fir da Reflexiounen an der Gemengerotssëtzung vum 22 Dezember 2023 matzedeelen.

D'Madamm Nathalie Noesen-Heintz (LSAP) informéiert iwwert den neie Projet vum LEADER deen „All together" heescht an dee vun der Fondatioun EME geleet gëtt, wou et drëms geet dass d'Leit déi um Rand vun der Gesellschaft stinn, wéi Flüchtlingen, handicapéiert Kanner, autistesch Kanner, isoléiert Elteren, zesumme solle musizéieren. Déi Fondatioun stellt an all Regioun e Chouer zesumme wou déi Léit dann och an hire jeeweilege Regiounen optrieden an e Concert ginn an zum Schluss am Juli gëtt dann en Ofschloss Concert vun all de Chéier organiséiert. Dat ass eng Fondatioun déi och net vum Staat finanzéiert gëtt an déi deemno op all Don ugewisen ass. Et ass eng ganz flott Initiativ an de LEADER West wäert mat Leit vun der MS Lëtzebuerg zesummeschaffe fir de grousse Chouer opzestellen an da ginn och nach Kanner vum SOS Kannerduerf dobäi geholl fir ze sangen. D'Philharmonie stellt de Sall zur Verfügung fir de groussen Optrëtt. Et gëtt pro Regioun e Chouer opgestallt an zwar am Süden, Oste, Westen an Norden. De Projet vum LEADER „kurze Qualitätswanderwege" an der Regioun Guttland ass nominéiert ginn tëschent 118 Projeten aus 17 verschidde Länner fir de „Leader's European Awards". D'Leit kënne ofstëmme bis de 4 Dezember 2023, dofir freet Madamm Nathalie Noesen-Heintz (LSAP) op d'Gemeng kann e bësse Publicitéit um Site vun der Gemeng an op der Gemengen-App maache bezüglech dësem Event fir dass d'Leit fir d'Wanderweeër vum LEADER sollen ofstëmmen.

Den Här Romain Kockelmann (CSV) informéiert dass de 24 November 2023 d'Syndikat SIDERO säi Budget eestëmmeg gestëmmt huet. Am rektifizéierte Budget 2023, am ordinäre Service sti Recettë vu 24.060.048 €, Depensë vu 24.037.534 € sou dass e Boni do ass vun 22.514 €. Vun 2022 sinn nach 900.027 € am Boni vum Budget Rescht bliwwen sou dass e Boni général vun 922.542 € am ordinäre Service 2023 ass. Am extraordinäre Service sinn et Recettë vun 49.528.306 €, Depensë vun 58.916.000 € sou dass do e Mali vun 9.387.693 € entstanen ass. Do war nach e Boni do vun 2022 vu 47.690.675 € sou dass e generelle Boni do ass fir 2023 vun 38.302.981 €. De Budget gesäit fir 2024 am ordinäre Service Recette vir vu 25.703.571 €, Depensë vu 25.632.310 € sou dass do nach e Boni wär vun 71.261 € fir 2024. Et waren 922.542 € am ordinäre Service 2023 Rescht, sou dass 2024 de Budget am ordinäre Service wäert mat engem Boni vun 993.803 € ofschléissen. Am ordinäre Service gesäit de Budget fir 2024 Recettë vun 31.894.226 € an Depensë vun 69.305.000 Euro vir. Da wär do e Mali vu 37.410.774€. Et war awer e Boni vun 38.302.981€ 2023 do sou dass insgesamt e Boni am ordinäre Service fir 2024 virgesinn ass vun 892.207€. Fir d'Gemeng Kielen fale Redevance fir 2023 am rektifizéierte Budget am ordinäre Service vun 912.753€ an am extraordinäre Service vun 2.124.328€ un. Fir de Budget 2024, sinn am ordinäre Service 1.030.549€ an am extraordinäre Service 2.710.500€. Den Här Romain Kockelmann (CSV) deelt mat dass d'Aarbechte bei der Kläranlag weiderginn. Déi éischt Ausschreiwung war den 11 Mee 2021, dat war fir de Wee mat Abuchtungen an d'Rei ze maachen. D'Firma Tragelux war do déi bëllegst fir e Montant vun 200.000€. Dës Aarbechten goufen 2022 finaliséiert. Déi zweet Ausschreiwung vum 10 November 2021 war fir de Bau vun der Kläranlag. Deemools krut d'Firma Budau den Zouschlag fir e Montant vu 4.100.000€. D'Firma Budau hat deen Optrag och opgeholl mä si hunn ni ugefaange mat schaffen. Den Ufank vum Bau war virgesi fir Mäerz 2022. Well si net ugetruede sinn huet de SIDERO de Vertrag rechtskräfteg gekënnegt an eng nei Ausschreiwung organiséiert. Do ass déi drëtt Ausschreiwung komm fir d'Ausrüstung vun der Kläranlag do krut d'Firma Eliquo Stulz GmbH den Optrag fir e Montant vu 7.000.000€. Do ass déi 4 Ausschreiwung komm fir de Bau vun der Kläranlag déi den 2 Februar 2023 publiéiert gouf. Fir déi huet d'Firma Costantini den Zouschlag kritt fir e Montant vu 5.400.000€. D'Aarbechte sinn den 9 Mee 2023 ugaangen. 770 Aarbechtsdeeg sollen d'Aarbechten daueren. Am Moment ginn d'Beliewungsbasengen betonéiert. D'Firma Eliquo Stulz GmbH soll mat der Ausrüstung am Fréijoer 2024 ufänken. De Sidor huet de 27 November 2023 säi Budget gestëmmt. Am rektifizéierte Budget vun 2023 si Recetten am Ordinären erakomm vun 20.028.417€, Depensë vu 17.815.117€, wat e Boni vun 2.213.299€ ergëtt. Do sinn awer nach 4.806.309€ vun 2022 iwwreg wat en en Total vu 7.019.609€ am Ordinären ergëtt fir 2023. Am Extraordinäre vun 2023 ass e Boni vun 9.157.542€, Depensë vun 2.452.729€ sou dass en Exercice Recht bleift vu 6.704.813€. Vun 2022 bleiwen awer 67.996.847€ Recht wat e Boni mécht vu 74.701.660€. De Budget 2024 gesäit am ordinäre Budget 20.431.187€ vir, Depensë vun 18.467.534€ an da bleift e Boni vun 1.963.653€. Opgrond vun deenen 7.019.609€ am Ordinäre vun 2023 ass e Boni virgesinn am Budget 2024 vun 8.983.262€. Am Extraordinären si Recettë vun 8.669.183€, Depensë vu 4.980.007€, sou dass e Resultat do ass vun 3.689.175€. Vu dass e Boni vu 74.701.660€ vun 2023 do ass sinn insgesamt 78.390.836€ am extraordinären als Boni virgesinn. Bei den Zuelen an Tariffer huet sech am Verglach vum leschte Joer näischt geännert. Et kascht nach ëmmer 96€ Tonn an der Kollekt, 178€ wann eng Privatpersoun selwer dohinner geet fir ofzeliwweren. Säit 2021 ass dobäi komm dass wann ee manner wéi 140 Kilo dohinner liwwert nëmme 25 € ze bezuelen sinn, soss 178€ an 198€ Tonn fir dat wat aus de Produktioune kënnt. D'Gemeng bezilt keng Redevancen.

Den Här Marc Bissen (LSAP) informéiert dass de rektifizéierte Budget 2023 an de Budget 2024 unanime gestëmmt ginn sinn beim SICONA. Am rektifizéierte Budget ass e Boni vu 505.000€ an am Ordinären an e Boni vun 2.000.000€ virgesinn. Am Budget 2024 sinn am Ordinäre Recetten vu 12,2 Milliounen an Depensë vun 12 Milliounen. De Boni am Ordinären ass e bësse manner héich wéi dat déi Jore virdru de Fall war well et mol ka virkommen dass d'Subside vum Staat mat e bësse Verspéidung ukommen. Am ordinären ass en definitive Boni vu 689.000€. Am Extraordinäre sinn Depense virgesi vun 900.000€ wat haaptsächlech Amortissementer sinn an Depensë vun 2,6 Milliounen am Ordinären. Beim Ausbau vum Gebai zu Ollem ginn d'Ausschreiwunge méi deier, mä dat ka gestemmt gi mam Budget vum SICONA an d'Gemenge mussen do näischt mat finanzéieren. Déi éischt Phas ass bis Ënn Januar geplangt, wou dann de Réibau fäerdeg ass. Dono kënnt eng Holzkonstruktioun dat soll innerhalb vu 14 Deeg stoen. Am Februar misst Struktur vum Gebai fäerdeg sinn. De bannen Ausbau misst sech iwwert 1 Joer zéien. Am Extraordinäre bleift dann nach, wa mir d'Ofschreiwung vum leschte Joer dobäi huelen e Boni vun 350.000€. Da wär d'Gebai och ganz ofbezuelt. Déi nei Regierung huet och an hirem „Accord de coalition" de Naturschutz erëm als prioritär agestuuft. Iwwert de „Plan national de la protection de la nature" si schonns eng Partie Projeten eragereecht ginn. Iwwert déi nächst 5 Joer wäerten och 15 Millioune Subsiden iwwert dee Fong erakommen woubäi nach en Deel vun de Subsiden un d'Gemeng Kielen zeréckgeet. De fixen Undeel fir d'Gemeng bleift selwecht an zwar 27.000€, de variabelen Undeel wat u sech de Joresprogramm ass deen ausgeschafft gëtt fir um Terrain Naturschutzmoossnamen ze maachen, läit bei 295.000€ et kommen awer herno 75.000€ Subsiden zeréck un d'Gemeng.

Den Här Guy Kohnen (CSV) informéiert dass de Budget vum SICA de 15 November 2023 unanime ugeholl ginn ass. De Budget schléisst of mat 16.000€ am ordinäre Service an am extraordinäre Service, wou Apport u Kapital gefloss ass fir de Chantier, ass fir 2024 en Excedent vu 4,3 Milliounen agedroen. D'Gemeng Leideleng ass interesséiert Member vum SICA ze ginn. De 25 Januar 2024 ass eng offiziell Entrevue mam Büro vum SICA an dem Schäfferot vun der Gemeng Leideleng virgesinn fir d'Modalitéiten ze klären. De Chantier geet de 15 Januar 2024 un, do fänkt d'Firma Entrapaulus mam Demontage vun de besteeënden Halen un. Dëst kann zu Schwieregkeeten am Verkéier féiere well eng ganz Rei vu Parkplaze beim SICA ewechfalen. Dofir wär et wichteg dass mam technesche Service gekuckt gëtt wéi wärend dem Chantier de Verkéier gereegelt ka ginn, fir Stau an der Industriezon ze vermeiden. Eventuell wär e Sens unique eng Méiglechkeet. Wéinst den Ännerungen am Recyclingszenter kënnt e Flyer eraus deen un all Haushalt ausgedeelt gëtt fir ze informéiere wéi et wärend dem Chantier ofleeft an dass Waardezäiten kënnen entstoen.

De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) präsentéiert déi nei Mataarbechter vun der Gemeng Kielen vum Gemengesekretariat, am Personal Bureau an dem Service vu de Finanzen. Nom Gemengerot ginn d'Gemengeconseilleren an de Bësch op Meespelt well de Fierschter invitéiert huet fir de neie Kran mat Unhänger ze weisen an op en Iessen. D'Schäfferotserklärung wäert an der Sëtzung vum 22 Dezember 2023 virgestallt ginn a gëtt doropshin och publizéiert.

1. Nottärsakt / Bail

1.1. Nottärsakt betreffend enger gratis Veräusserung vun enger Parzell an der Industriezon zu Kielen

Unhand vu senger Deliberatioun vum 25 Oktober 2023 huet d'Syndikat S.I.C.A. d'Veräusserung, déi den 19 Mee 2023 tëschent dem Büro vun der S.I.C.A. an dem Schäfferot vun der Gemeng Kielen ënnerschriwwe gouf, approuvéiert. Unhand vun dësem Akt, veräussert d'S.I.C.A. der Gemeng Kielen gratis d'Parzell n°2941/6291, situéiert an der Sektioun A vu Kielen an der Industriezon mat enger Fläch vu 5,05 Ar. Dës Parzell gëtt am géigesäitegem Averständnis op 1.000€ den Ar evaluéiert. De Gemengerot approuvéiert dësen Nottärsakt.

1.2. Bail fir eng Fotovoltaikanlag

Den 25 Oktober 2023 huet de Schäfferot vun der Gemeng Kielen e Bail mat Enovos SA ënnerschriwwen. Unhand vun dësem Bail erlaabt d'Gemeng Kielen der Societéit um Dag vum Gebai dat sech op der Parzell n°789/2748, situéiert an der Sektioun B vun Ollem, Uert Groussgaass, mat enger Fläch vun 90,58 Ar, befënnt eng Fotovoltaikanlag ze bauen an och ze exploitéieren. Hei kann also vun der Societéit Enovos SA Stroum produzéiert ginn, awer ënnert der Bedingung dass alles déi noutwendeg Geneemegungen déi am Gesetz virgesi sinn accordéiert goufen. De Gemengerot approuvéiert dëse Bail.

2. Confirmatioun vun dréngende Verkéiersreglementer vum Schäfferot

11 dréngend Verkéiersreglementer déi de Gemengerot stëmme soll gi presentéiert: an der Cité Hueseknäppchen fannen Aarbechte fir d'Realisatioun vun engem „Schared Space" statt dës ginn den 9 November 2023 un bis zum Ofschloss vun den Aarbechten; Infrastruktur a Stroossenaarbechten an der „rue des Champs", vum 09 November 2023 bis zum Ofschloss vun den Aarbechten; Aarbechte fir den Amenagement vun engem Wee fir Douce Mobilitéit laanscht d'"rue de Kopstal" zu Kielen, ugefaange beim Gebai n°44 bis bei d'Entrée vum Fitnessparcours, ab dem Méindeg dem 20 November 2023 bis zum Ofschloss vun den Aarbechten; Uschlossaarbechten un de Verdeelungsreseau vun de Gebaier n°19, n°19A an 21 an der „rue des Champs" zu Kielen vu Méindes dem 20 November 2023 bis Samschdes den 09 Dezember 2023 mat; Aarbechte fir en Traffo an der „rue de Kehlen" zu Nouspelt virum Gebai n°26 ewech ze huelen ab Mëttwochs dem 29 November 2023 bis Dënschdes de 05 Dezember 2023, Aarbechte fir d'Verleeë vu Glasfaser am Optrag vun der d'Post an der „rue du Centre" zu Kielen ab Méindes dem 27 November 2023 bis Freides, den 22 Dezember 2023; Uschlossaarbechten un de Verdeelungsreseau zu Kielen an der „rue de Schoenberg", Hausnummer 11 ab dem Méindeg dem 27 November 2023 bis Freides de 08 Dezember 2023, Uschlossaarbechten un de Vedeelungsreseau „Am Räislach" zu Nouspelt vu Freides dem 01 Dezember 2023 bis Freides den 22 Dezember 2023; Aarbechte fir d'Verleeën vu Glasfaser am Optrag vun der d'Post an der „rue de Mamer" zu Kielen ab dem 01 Dezember 2023 bis den 22 Dezember 2023; Ausgruewunge fir d'Post an der „rue de Mersch" (CR102) zu Keespelt ab dem Freiden den 01 Dezember 2023 bis Freides den 22 Dezember 2023; Uschlossaarbechten un de Reseau vun de Gebaier n°3 bis n°9 an der „rue des Potiers" zu Nouspelt ab Donneschdes dem 30 November 2023 bis Samschdes den 09 Dezember 2023 mat.

3. Berodend Kommissiounen

3.1. Sportskommissioun – Ernennung vun engem Member

Den 18 Oktober 2023, huet d'Presidentin vun der Sportskommissioun, Madame Pauline Van Wissen der Gemeng e Bréif zesummegelooss an deem si den Här Tim Lautem als neutrale Member proposéiert. Doropshin ernennt de Gemengerot den Här Tim Lautem als Member vun der Sportskommissioun. D'Sportskommissioun déi elo komplett ass an aus 13 Membere besteet setzt sech follgendermoossen zesummen:

N°	Nom & Prénom	
1	VAN WISSEN Pauline	CSV
2	AZEDEVO PIRES Sylvie	CSV
3	DOS SANTOS Jorge	CSV
4	REHLINGER Sandra	LSAP

N°	Nom & Prénom	
5	PACIOTTI Patrizia	LSAP
6	REGNO Massimo	DP
7	VOSMAN Hermanus	déi gréng
8	URBING Kevin	neutre
9	PEREIRA PINTO Michel	neutre
10	HIENCKES Corinne	neutre
11	LIESCH Camille	neutre
12	JANDER Christine	neutre
13	LAUTEM Tim	neutre

3.2. Kommissioun fir den 3. Alter – Ernennung vun engem Member

Unhand vum Formulaire fir sech an d'Kommissiounen anzeschreiwen huet d'Madamm Marie-Thérèse Klein hier Kandidatur fir d'Kommissioun fir den 3. Alter agereecht. Deemno ernennt de Gemengerot d'Madamm Marie-Thérèse Klein vun Ollem als Member vum der Kommissioun fir den 3 Alter. Dës Kommissioun setzt sech ab elo aus follgenden 11 Memberen zesummen:

N°	Nom & Prénom	
1	KOCH Natacha	CSV
2	DOS SANTOS MACIEL Paula	CSV
3	LANGERS Paul	CSV
4	MAAS Marc	LSAP
5	PACIOTTI Patrizia	LSAP
6	HOLZMACHER Christiane	DP
7	CLEMENS Josette	déi gréng
8	JANSSEN-KELSEN Yvette	neutre
9	FABER Chantal	neutre
10	LIESCH Camille	neutre
11	KLEIN Marie-Thérèse	neutre
12	vacant	neutre
13	vacant	neutre

3.3. Inclusiounskommissioun – Ernennung vun engem Member

Unhand vun enger Email déi Madamm Nora Riedel-Mahr, gebuer Mahr, der Gemeng Kielen den 13 November 2023 zoukomme gelooss huet, huet si hier Kandidatur gestalt fir Member vun der Inclusiounskommissioun ze ginn. Deemno ernennt de Gemengerot d'Madamm Nora Riedel-Mahr, gebuer Mahr, als Member vun der Inclusiounskommissioun. Dës Kommissioun setzt sech ab elo aus follgenden 10 Memberen zesummen:

N°	Nom & Prénom	
1	JUNG Norbert	CSV
2	KOHNEN Guy	CSV
3	MASSARD Sandrine	CSV
4	REHLINGER Sandra	LSAP
5	BACK Joan	LSAP
6	CASEY Wendy	DP
7	BONIFAS Larry	déi gréng
8	PEREIRA-PACIOTTI Patrizia	neutre
9	LIESCH Camille	neutre
10	RIEDEL-MAHR Nora	neutre
11	vacant	neutre
12	vacant	neutre
13	vacant	neutre

4. Ponktuell Modifikatioun vum PAG bezüglech dem PAP „Beichel Phas 1" zu Kielen an „Iwwert der Kraizhiel" zu Nouspelt

A senger Sëtzung vum 28 Abrëll 2023, huet de Gemengerot säin Accord gi fir de Projet vun enger punktueller Modifikatioun vum PAG, bezüglech dem grafeschen Deel vum PAP, Sektioun 3 vun der virbereedender Etüd vum PAG mat der Adaptatioun vum schréftlechen Deel vum Flächewidumungsplang vun enger Zon déi dem Bebauungsplang „NQ Beichel – Phas 1" ënnerleit wougéint de schréftlechen Deel vum Flächewidmungsplang dem Bebauungsplang „NQ Iwwert der Kraizhiel" de Verweis op den approuvéierte PAP mécht a sou onverännert bleift. An dëser Sëtzung gëtt dëse Projet betreffend enger punktueller Modifikatioun vum PAG bezüglech dem PAP „Beichel Phas 1" zu Kielen an „Iwwert der Kraizhiel" zu Nouspelt vum Gemengerot approuvéiert.

5. Punktuell Modifikatioun vum PAG bezüglech dem Klassement vun der „rue de Keispelt – annexe mairie" zu Kielen an eng BEP Zon

A senger Setzung vum 28 Abrëll 2023, huet de Gemengerot säin Accord gi fir de Projet vun enger punktueller Modifikatioun vum grafeschen Deel vum PAG „rue de Keispelt – annexe mairie" bezüglech dem Klassement an eng BEP Zon vun de Parzellen n°1946/4718 an n°1947/4719 zu Kielen. An dëser Sëtzung gett dëse Projet vun enger punktueller Modifikatioun vum grafeschen Deel vum PAG „rue de Keispelt – annexe mairie" approuvéiert.

6. Punktuell Modifikatioun vum PAP QE bezüglech Grondstécker déi sech an der „rue de Keispelt – Annexe Mairie befannen

Den 20 September 2023, huet de Schäfferot d'Propositioun vun der ponktueller Modifikatioun vum PAP QE vun der Gemeng Kielen „rue de Keispelt – annexe mairie" konform zum PAG vun der Gemeng Kielen erkläert. De Projet vun der punktueller Modifikatioun vum PAP „rue de Keispelt – annexe Mairie"zu Kielen gouf op Ufro vum Schäfferot vu Luxplan S.A. ausgeschafft. Dës Modifikatioun betrëfft de Bestandsplang vum PAP-QE, de Kaf duerch Gemeng vun de Parzellen n°1947/4719 a n°1946/4718 fir do d'Annexe vun der Gemeng ze bauen an d'Klassement vun dëse Parzellen an eng BEP Zon well dat besser op hier zukünfteg Notzung passt. De Gemengerot approuvéiert an dëser Sëtzung dës punktuell Modifikatioun vum PAP QE bezüglech de Grondstécker déi sech an der „rue de Keispelt – annexe mairie" befannen.

7. Lotissementer

7.1. Lotissement vun engem Terrain op 23 „rue de Mersch" zu Keespelt

De Projet vun dësem Lotissement gouf de 26 September 2023 vum Berodungsingenieur vum Büro BCR S.à. r l. fir den Här Patrick Jean Marie Kremer ausgeschafft. Bei dësem Projet geet et drëms d'Parzell n°275/3, Gaart, mat enger Fläch vu 6,70 Ar an d'Parzell n°275/2776, Plaz, mat enger Fläch vun 8,25 Ar ze deele fir onofhängeg Parzellen ze bilden, an zwar n°275/XXX10, Plaz, mat enger Fläch vu 7,83 Ar, n°275/XXX11, Strooss, mat enger Fläch vun 0,01 Ar, n°275/XXX12, Plaz, mat enger Fläch vun 2,03 Ar, n°275/XXX13, Plaz, mat enger Fläch vun 2,07 Ar , n°275/XXX14, Strooss, mat enger Fläch vun 0,01 Ar an n°275/XXX15, Plaz, mat enger Fläch vun 0,07 Ar, all situéiert an der Sektioun E vu Keespelt a Meespelt, Uerter „rue de Mersch" a „rue Pierre Dupong" fir déi bestoend Parzellen an 3 Lousen ofzegrenzen fir 2 jumeléiert Haiser kënnen ze bauen. De Gemengerot approuvéiert de Projet vun dësem Lotissement.

7.2. Lotissement vun engem Terrain op 28 „rue Abraham Lincoln" zu Ollem

De Projet vun dësem Lotissement gouf den 28 September 2023 vum Ingenieursbüro Best G.O. S.à r.l. fir den Här M. Ganino Rosario, Associé a Grënner vun der Societéit Casa Pro Concept S.à r.l., ausgeschafft. Dëse Projet gesait vir d'Parzell n°720/2065, Plaz, mat enger Fläch vu 6,46 Ar, situéiert an der Sektioun B vun Olm, Uert „rue Abraham Lincoln" an 2 Lousen opzedeelen, nämlech de Lous 1 an de Lous 2 déi allen zwee en Deel vun der Parzell n°720/2065 sinn, fir kënnen 2 jumeléiert Haiser ze bauen. De Gemengerot approuvéiert de Projet vun dësem Lotissement.

8. Subside vun den Associatiounen 2023

8.1. Speziell Subsiden un d'Associatiounen

De Gemengerot accordéiert follgend speziell Subside fir déi lokal Associatioune fir 2023:

1.	AMPA Nouspelt	580,00€
2.	Croix-Rouge Kielen	1.000,00€
3.	Frënn vun der ATP Kielen	1.000,00€
4.	Elterecomité Kielen A.s.b.l.	1.000,00€
5.	LASEP Sektioun Kielen	1.000,00€
6.	HSV-Agility Dogs & More	500,00€
7.	Nouspelter Emaischen A.s.b.l.	2.500,00€
8.	Cycle comiques Olm	500,00€

8.2. Aner Subsiden un d'Associatiounen

De Gemengerot accordéiert follgend aner Subside fir déi lokal Associatioune fir 2023:

1.	Gaard an Heem Kielen-Ollem	4.633,89€
2.	Gaard an Heem Keespelt-Meipelt (CTF)	1.624,80€
3.	Trekkerfrënn Nouspelt	698,56€
4.	Frënn vum Brennereimusee	1.131,04€
5.	Nouspelter Buurgbrenner	1.827,75€
6.	Syndicat d'Initiative Nouspelt	1.335,74€
7.	Aal Pompjeën Kielen	954,15€
8.	Pompjeësfrënn Keespelt	1.616,99€
9.	Aal Pompjeën Ollem	1.018,95€.
10.	Amicale CIS Kehlen	3.158,13€

8.3. Subsiden un déi lokal Associatiounen am Kader vum Sport

De Gemengerot accordéiert follgend Subside fir déi lokal Associatioune fir 2023 am Kader vum Sport:

1.	F.C. Kehlen	27.140,58€
2.	D.T. d'Peckvillercher Nospelt	4.863,63€
3.	B.I.C. Kehlen	4.490,83€
4.	D.T.V. Kehlen	3.294,33€
5.	Fitness Club Nospelt	2.246,43€
6.	Anciens du F.C. Kehlen	636,19€
7.	Country Tramps Keespelt	1.156,48€
8.	Tae Kwon Do Team Kehlen	1.171,53€

8.4. Subsiden un déi lokal Associatiounen am Kader vun der Kultur

De Gemengerot accordéiert follgend Subside fir déi lokal Associatioune fir 2023 am Kader vun der Kultur:

1.	Chorale Sainte-Cécile Kehlen-Olm	1.416,24€
2.	Chorale Sainte-Cécile Keispelt-Meispelt	1.386,37€
3.	Chorale Sainte-Cécile Nospelt	2.380,08€
4.	Fanfare Kehlen	7.184,64€
5.	Fanfare Keispelt-Meispelt	6.402,48€
6.	D'Georges Kayser Altertumsfuerscher	7.768,25€
7.	Op Schéimerech A.s.b.l.	1.022,89€
8.	KREA Keispelt-Meispelt	2.439,05€

9. Galerie „Bei der Kierch" – Demissioun vun engem Member

D'Madamm Simone Finck vun Nouspelt huet eis hier Demissioun aus dem Comité de gestion vun der Galerie „Bei der Kierch" zu Kielen den 22 November 2023 per Email zoukomme gelooss. De Comité de gestion setzt sech deemno folgendermoossen zesummen:

N°	Nom & Prénom		Fonction
1	TRIGO Filipe	Délégué du bourgmestre	Président
2	SCHROEDER Chantal	CSV	Membre
3	MAAS Marc	LSAP	Secrétaire
4	REGNO Massimo	DP	Membre
5	ÇIÇEK Canan	Déi Gréng	Membre
6	NOESEN-HEINTZ Nathalie	déléguée commission culture	Membre
Membres „indépendants" période du 1er janvier 2021 jusqu'au 31 décembre 2026			
7	vacant	neutre	Membre
8	vacant	neutre	Membre
9	vacant	neutre	Membre
10	vacant	neutre	Membre

10. SICONA Süd-West – järlechen Aktiounsprogramm 2024

De Gemengerot approuvéiert de järlechen Aktiounsprogramm vum SICONA Süd-West fir d'Gemeng Kielen bezüglech dem d'Joer 2024 vun der Gemeng Kielen fir e Montant vu 454.130,42€ vun deem d'Gemeng muss 295.000€ bezuelen.

11. Ofschafe vum Taxe-Reglement bezüglech dem Service de proximité fir eeler Leit a fir Leit mat spezifesche Bedierfnisser

De Service de proximité gëtt neierdéngs vun der ASBL „Centre d'initiative et de Gestion Local Steinfort (CIGL)" geréiert an d'Gemeng bezilt dofir järlech eng Participatioun deemno gëtt d'Taxe-Reglement vun der Gemeng bezüglech dem Service de proximité fir eeler Leit a fir Leit mat spezifesche Bedierfnisser hifälleg.

GESCHLOSSE SËTZUNG

12. Kommunalen Erzéiungs an Emfangdéngscht fir Kanner

12.1. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales (Educateur gradué)

Unhand vun engem geheime Vott ernennt de Gemengerot en Educateur gradué fir de SEA mat enger Tâche vun 90% (36 Stonnen an der Woch) mam Statut Gemengenemployé an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

12.2. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales (Educateur diplômé)

Unhand vun engem geheime Vott ernennt de Gemengerot en Educateur diplômé fir de SEA mat enger Tâche vun 90% (36 Stonnen an der Woch) mam Statut Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

12.3. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

Unhand vun engem geheime Vott ernennt de Gemengerot e Gemengenemployé fir de SEA mat enger Tâche vun 30 Stonnen an der Woch mam Statut Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

12.4. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

Unhand vun engem geheime Vott ernennt de Gemengerot e Gemengenemployé fir de SEA mat enger Tâche vun 30 Stonnen an der Woch mam Statut Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

12.5. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

De Gemengerot decidéiert, ënnert der Uwendung vum Artikel 19 vum groussherzogleche Reglement bezüglech dem Regimm an den Indemnitéite vun de Gemengenemployéen, d'Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

12.6. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

De Gemengerot decidéiert, ënnert der Uwendung vum Artikel 19 vum groussherzogleche Reglement bezüglech dem Regimm an den Indemnitéite vun de Gemengenemployéen, d'Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

12.7. Erweiderung vun enger Tâche vun engem Gemengenemployé an der Kategorie D, Loungrupp D2, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

De Gemengerot decidéiert d'Erweiderung vun enger Tâche vun engem Gemengenemployé an der Kategorie D, Loungrupp D2, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

13. Verwaltung vun der Gemeng Kielen / technesche Service – Ufro fir Kierzung vum provisoresche Service vun engem Gemengebeamten an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp technesch

De Gemengerot accordéiert engem Beamten d'Kierzung vum provisoresche Service an zwar vun enger Dauer vu 12 Méint an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp technesch.